

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi ass unanime mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung (par M. Patrick Santer), Nico Loes (par M. Willy Bourg), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Laurent Mosar), Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Fred Sunnen), MM. Nicolas Strotz (par M. Jean-Marie Halsdorf), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Marco Schroell), MM. Jeannot Belling (par M. Claude Meisch), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par Mme Maggy Nagel), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Jos Scheuer), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Mars Di Bartolomeo), Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira) et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4620 iwwert den Droit d'utilisation à temps partiel de biens immobiliers.

Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Zanussi an Henckes.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Mme Agny Durdu. D'Mme Durdu huet d'Wuert.

6. Projet de loi 4620 modifiant la loi du 18 décembre 1998 relative aux contrats portant sur l'acquisition d'un droit d'utilisation à temps partiel de biens immobiliers

Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports

Mme Agny Durdu (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an der Direktiv 94/47 vum 26. Oktober 1994 hat déi europäesch Kommissioun d'Problematik vum "time-sharing" an hirer Particularitéit geregelt an e bestëmmtenen Niveau vu Protektioun fir d'Acquéreure vun esou Kontrakter vun "time-sharing" virgesinn.

Duerch d'Gesetz vum 18. Dezember 1998 hate mir dës Direktiv ëmgesat, mä ewell - oder soll ee soen eréischt - de 6. Mee 1999 huet déi europäesch Kommissioun hir Bedenken ugemellt a matgedeelt, dass bei dëser Transpositioun mir an zwee Punkten dës Direktiv net richtig ëmgesat hätten.

D'Direction de la concurrence et de la protection des consommateurs huet d'Analys vun dësen Argumenter gemaach, an doropshin ass dëse Projet de loi déposéiert ginn.

Op zwee Punkte si mir an der Kommissioun zur Konklusioun komm, dass mer effektiv dës Direktiv net richtig ëmgesat haten an déi national Gesetzgebung.

Eng Kéier goug et drëm, dass der Direktiv no e bestëmmtenen Niveau op Protektioun den Acquéreuren, respektiv de Konsumenten zoukomm ass. Dës Direktiv huet virgesinn, dass dës Protektioun sollt spillen, soubal d'Gebai, ëm dat et geet, um Territoire vun der Europäescher Unioun situéiert ass. Sou wéi awer d'Gesetz vum 18. Dezember 1998 et virgesäit, hätt ee kënnen interpretéieren, dass e Lëtzebuerger Gericht hätt kënnen soen, den Immeubel, ëm deem et geet, ass zwar an der Europäescher Unioun situéiert, mä vu dass de Konsument, ëm deem et geet, net seng Residenz hei am Land huet, spillen d'Regele vum Lëtzebuerger Gesetz net.

Dowéinst hu mer missen d'Gesetz op dësem Punkt ëmänneren. Mir hunn eis do inspiréiert, op Wonsch vum Conseil d'Etat, um Artikel L124/79 vum Code de la consommation française.

De System, wa mer dëst Gesetz hoffentlech wäerten adoptéieren, gesäit elo folgendermoossen aus.

Wann d'Gesetz, dat tëschent de Parteien de Kontrakt regelt, der Direktiv entsprécht, dann ass och dës Direktiv ausschlaggebend, wa Problemer optauchen.

Ass dat Gesetz, dat tëschent de Parteien zrëckbehalen ass, awer net konform zu den Dispositiounen vun der Direktiv, da gëtt et zwou Hypotheesen.

Normalerweis ass et esou, dass dann d'Lëtzebuerger Gericht muss d'Gesetz applizéieren vun deem Land, wou d'Gebai situéiert ass. Ass awer dëst Gesetz net konform zur europäescher Direktiv, da spillt d'Lëtzebuerger Gesetzgebung. Mir hunn also de Prinzip vun der Subsidiaritéit vum Lëtzebuerger Gesetzestext zrëckbehalen.

Déi zweet Problematik, déi sech bei der Ëmsetzung vun der Direktiv gestallt hat, war déi, dass et ëm d'Sprooch goug, an där den Text sollt geschriwwen sinn.

D'Direktiv huet eigentlech virgesinn, dass den Text an der Sprooch vum Konsument sollt geschriwwen ginn. Sou wéi awer de Gesetzestext vun 1998 ausgesinn huet, war et esou, dass fir eis Gebräicher den Text misst entweder a franséischer oder däitscher Sprooch virgesi sinn.

Une voix.- An op Éisleker!

Mme Agny Durdu (DP), rapporteur.- An op Éisleker, voilà!

Hei ware mer ze restriktiv, hu mer fonnt, an et ass elo esou virgesinn, op Wonsch hi vum Conseil d'Etat, dass, soubal sech den Acquéreur, also de Konsument, op eisem Territoire befënnt an hei eng Résidence huet, déi Texter nach op däitsch oder op franséisch gehale sinn. Wann et awer zum Beispill en Engländer betrëfft, deen an eisem Land wunnt, dann ass do ganz sécher den Text op englesch geschriwwen. Dobäi kënnt nach eng Versioun op däitsch oder franséisch, fir sécher ze sinn, dass dee Kontrakt richteg ka vum Konsument interpretéiert ginn.

D'Kommissioun huet also dës Ëmännerunge festgehalen, an dës Kéier misst normalerweis d'Kommissioun vu Bréssel och zefridde si mat där Ëmsetzung, sou wéi mir se gemaach hunn, sou wéi de Statsrot et och war. D'Kommissioun huet der Chamber proposéiert, dësen Text ze adoptéieren, a meng Fraktioun wäert dësen Text och ënnert dësen Ëmstänn unhuelen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Zanussi.

Discussion générale

M. Marc Zanussi (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëlt am Numm vu menger Fraktioun der Mme Durdu ganz häerzlech merci soe fir hiren ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Bericht.

Et muss jo eng relativ komplizéiert Aufgab gewiescht sinn, dësen Text ze produzéieren, vu dass d'Chamber e puermol huet missen Ulaf huelen, fir dës Direktiv ëmzesetzen. Mir haten dee Projet hei schonn eng Kéier um Ordre du jour vun der Chamber an hunn en erëm missen erofhuelen, fir Ergänzungen derzou ze maachen. D'Ëmsetzung vun europäeschen Direktiven ass also offensichtlech net ëmmer esou einfach, wéi dat heiansdo gemengt gëtt.

Déi Direktiv hei aus dem Joer 1994 brauch nun emol e bëssche méi laang Zäit, mä ech denken, dass d'Kommissioun am Geescht vun de Consommateuren an Acquéreuren dësen Text elo esou formuléiert huet, dass en den Institutionen zu Bréssel voll Rechnung dréit. Ech géif heimat och den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem wichtege Projet bréngen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Clement.

M. Lucien Clement (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och der Mme Rapporterin villmools merci soe fir hir zwee schrëftlech Rapporten an hire mëndleche Rapport, déi se gemaach huet, a bréngen och den Accord vun der CSV-Fraktioun.

M. le Président.- Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, ech mengen, et ass e wichtege Zousaz, dee mer hei maachen, well mer wëssen, datt ganz vill Lëtzebuurger am Ausland esou Time-sharinge kaaft hunn an heiansdo mat Situatiounen konfrontéiert ginn, wou se net méi aus hire Kontrakter eraus kommen.

Ech mengen, datt mer hei déi néideg Adaptatiounen virgeholl hunn, a wëll duerfir och den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

M. le Président.- Huet d'Regierung deem nach eppes zouzefügen? Den Här Grethen huet d'Wuert.

M. Henri Grethen, Ministre de l'Economie.- Här President, ech wollt mech all de Félicitatiounen un d'Mme Durdu uschleissen an der Chamber recommandéieren, dësen Text an där do Fassung ze stëmmen.

M. le Président.- D'Diskussioun ass domat ofgeschloss. Mir kommen elo zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4620 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo of iwwert de Projet de loi 4620.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung (par M. Patrick Santer), Nico Loes (par M. Willy Bourg), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Laurent Mosar), Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Fred Sunnen), MM. Nicolas Strotz (par M. Norbert Hauptert), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Paul Helminger), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. Emile Calmes), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par Mme Maggy Nagel), John Schummer (par Mme Agny Durdu) et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Alex Bodry), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Jos Scheuer), Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Ben Fayot) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia).

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 4432 iwwert den Harcèlement sexuel. Fir d'Diskussioun hu sech schonn

ageschriwwen: déi Damme Meyers, Err an Nagel, an déi Häre Colombera, Bausch, Hoffmann a Rippinger.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Patrick Santer.

7. Projet de loi 4432 concernant la protection contre le harcèlement sexuel à l'occasion des relations de travail et portant modification de différentes autres lois

Rapport de la Commission de l'Égalité des chances entre femmes et hommes et de la Promotion féminine

M. Patrick Santer (CSV), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wäerten elo iwwer e Gesetz betreffend d'sexuell Belästegung op der Aarbechtsplaz beroden.

Esou e Gesetz besteet a villen europäeschen an och net-europäesche Länner an huet op verschidde Plazen och verschidde Formen ugehall. Dat Gesetz, dat mer hei an der Chamber virleien hunn, ass kee radikale Virstouss an enger Matière, déi jo ganz sensibel ass. Der Regierung lounge et um Häerz, en effikass Instrument um Gebitt vun der sexueller Belästegung op der Aarbechtsplaz ze schaffen, ouni awer amerikanesch Zoustänn doduerch erbäifereieren ze wëllen.

De schréffleche Rapport, deen d'Kommissioun vun der Chancëgläichheet vun der Chamber ugehall huet an deen Iech virläit, ass ganz ausféierlech a sengen Explikatiounen iwwert den inhaltlechen Detail vum Projet. Ech wëll dofir a mengem mëndleche Rapport op engem méi grondsätzlechen Niveau bleiwen an explizéieren, woufir déi Gesetzesvirlag hei deen Zouschnëtt krut, dee se huet.

Dat, wat allgemeng ënner Harcèlement sexuel verstane gëtt, ass schwéier ze erfassen. Et geet ëmmer, wéi d'Texter dat ausdrécken, ëm Verhalensweisen, déi sexueller Aart sinn oder eng sougenannte Connotation sexuelle hunn. Wéini, vu wem an op wéi enger Plaz genau sou e Verhalen, dat iwwregens ganz schwéier ze definéieren ass, muss un den Dag geluegt ginn, fir datt eng sexuell Belästegung virläit, ass eng vun de Froen, déi mer an deem Projet de loi versicht hunn ze beäntweren. Mir musse jo, wa mer Verhale wëllen ënner Sanktiounen leeën, méi oder weiniger genau wëssen, wéi dat Verhalen elo genau auszegesinn huet. De Problem an deem Saz ass allerdéngs deen "méi oder weiniger".

E Gesetz kann an deene meeschte Fäll mat "méi oder weiniger" näischt ufänken. Entweder et gëtt e bestëmmten Tatbestand, eng gewësse Situatioun, oder et gëtt se net. Sexuell Belästegung ass awer en Tatbestand, deen nieft der objektiver Dimensioun och eng net ze ënnerschätzend subjektiv Dimensioun huet. Wat fir deen een nach am Beräich vun der Coquetterie oder dem Gecksënn ugesiedelt ass,...

(Interruptions)

...kann deem anere ganz nogoen an deen am Sënn vun deem Gesetz belästegen. D'Matière ass also vun enger ganz grousser Komplexitéit.

Wat de Gesetzesgeber wëlles huet, ass, ënnert den Ëmstänn, déi ech elo e bëssche besser duergeluegt hunn

an op déi ech nach wäert zrëckkommen, dat hei: Mir wëlle Verhale mat sexueller Connotation ënnerbannen. Et gëtt also e puer Punkten, déi eng Explikatioun op dëser Plaz verlaangen: e Verhalen, dat am Kader vun der Aarbecht un den Dag geluegt gëtt; e Verhalen, dat sexueller Aart oder op d'mannst eng sexuell Connotation huet; an e Verhalen, wou den Auteur wousst oder hätt solle wëssen, dass et eng sexuell Belästegung géif duerstellen.

Ech wëll besonnesch nach drop hiweisen, datt de Gesetzestext expressément festhält, dass sexuell Belästegung am krasse Géigesaz zum Gläichberechtungsprinzip tëscht Mann a Fra steet. Dëse Prinzip kann ee menger Meinung no ni genuch ervirhiewen, well e souwuel fir d'Relatioun tëscht de Geschlechter op der Aarbechtsplaz, mä och an eiser Gesellschaft am Allgemenge vu grousser Wichtigkeet ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi ee Verhale muss dann elo un den Dag geluegt ginn, fir dass mer vu sexueller Belästegung kënne schwätzen? Abee, et muss e Verhale sinn, dat entweder direkt sexueller Natur ass oder eng eendeiteg sexuell Connotation huet. Dat funktionéiert souwuel mat Gestë wéi och duerch e bestëmmte Sproochgebrauch. Sexuell Belästegung kann awer am Zweifelsfall och um non-verbale Gebitt leien.

Hei wëll ech direkt deen nächste Punkt drun ubannen, sou datt mer gesinn, dass sexuell Belästegung da ka virleien, wann e Verhale vun där Persoun, op déi et gemënt ass, weder gewënscht nach acceptéiert oder toleréiert gëtt. Méi genau do leien d'Ausleeungsschwieregkeeten. Et gëtt nämlech déi ganz eendeiteg Situatiounen, an da gëtt et déi aner, déi, wou ee gemengt hat, dat wär normal oder et misst erlaabt sinn, oder déi, wou ee fënnt, e bëssche Spaass misst sinn.

Et ass vu Mënsch zu Mënsch verschidden, wéi een op Aussoen oder Gestë reagiert. Deen een ëmfënnt eppes als onzoumuttbar an domat als Harcèlement, wat fir deen aneren zwar net onbedéngt zum gudden Toun gehéiert, mä als net esou schlëmm ëmfonnt gëtt, datt hie sech géif a senger Perséinlechkeet blesséiert fillen.

Eng ëmmer gültig, ëmmer wouer an absolut novollzéibar Regel do anzeféieren ass eng Saach vun der Onméiglechkeet. Eng exklusiv subjektiv Approche zu deem Thema hätt - Dir kënnt Iech dat denken - konkret Problemer erbäigefouert. Dofir steet elo am Text, dass den Auteur wousst oder hätt solle wëssen, dass säi Behuelen oder seng Wieder eng sexuell Belästegung géifen duerstellen.

Deen objektiven Afloss, kombinéiert mat där noutwendeger subjektiver Natur vun der sexueller Belästegung, huet et an deem Gesetzesprojet zu engem noutwendegen Equilibre bruecht. Well d'Situatioun, wéi ech se virduerkläert hunn, esou ass, konnte mer och net d'Ëmdreie vun der Bewäislaascht op deem Terrain acceptéieren. Dat féiert nämlech riicht an amerikanesch Zoustänn, wou een duerch e vermeintlech schief Bléck scho weinst Harcèlement sexuel de Prozess gemaach ka kréien. Am amerikanesche System gëtt et nëmmen ee Gewënner: d'Affekote vu béide Parteien. Och hätt et zu engem vill méi fundamentale Problem gefouert, deen um Niveau vun de Prinzipie vun eiser Rechtssystem läit.